



Gemeng Munneref

Campagne : Zesumme spueren, zesammenhalen

De Schännerot adresséiert sech un dat ganzt Gemengepersonal an appelléiert un jidderengem seng Solidaritéit am Kader vun der aktueller Energiekris an déi domat zesammenhängend national Energie-Campagne "Zesumme spueren, zesammenhalen". Wa mer alleguer oppassen fir sou wéineg wéi méiglech Energie ze verbrauchen kënnen mer an eiser Gemeng eng grouss Reduktioun un Energie erzwéngen an sou eisen Deel dozou bäidroen déi national Zieler ze erreechen.

Bierger- a Kulturhaus :

- Während der Summerperiod ass d'Normtemperatur 24 °C bannen an de Raim fir +/- 2 Grad ze reguléieren
- D'Luuchten am Atrium ginn während dem Dag ausgeschalt (mat Ausnam vum Trappenhaus)
- Gehëtzt gëtt haaptsächlech iwwert d'Buedemheizung
- D'Lëftung vun de grouse Säll (Festsall an Hochzäitssall) gëtt nëmme bei Bedarf genotzt
- Zäitlech Begrenzung vun der Belichtung vum Parking inklusiv dem Monument iwwerpräiwen an gegebenenfalls reduzéieren
- "Wäiss" Steckeren kontrolléieren op se programmiert sinn an eventuell ab 19 Auer automatesch ofschalten
- Sonnenenergie effektiv notzen – während der Periode wou gehëtzt gëtt bleiwen d'Storen erop
- De Lift soll sou wéineg wéi méiglech benotzt ginn (wa méiglech nëmme nach vu beeinträchtege Persounen)
- Zougang op Veranstaltungen iwwert d'Noutausgänge organiséieren fir en Energieverloscht duerch d'Benotze vun de groussen Dieren ze vermeiden
- D'Frigoen déi net gebraucht ginn, ginn ausgeschalt
- Informatioun betreffend d'Raumtemperatur an der Wanterzäit am BAKH : Wann d'Rad vun der Heizung um Punkt (4) steet gëtt de Raum bis op 18 Grad gehëtzt, wann se op 5 steet (19 Grad), op 6 (20 Grad)

Schoul – Museksschoul :

- Thermostat op Maximum 3 stellen (19-20 °C)
- Regelméisseg stousslëften
- Diere vun de Klassesäll zou maachen, well d'Couloire brauche net mat gehëtzt ze ginn
- E-Apparater sollen ausgemaach ginn (Computer, Printer, Kaffismaschinn, Musek- an CD Player), d.h. d'Apparater sollen iwwert eng Multiprise un- an ausgeschalt ginn

Allgemeng :

- Monumenter, Kierchen vun 23.00 bis 8.00 Auer iwwert Minuterie ausschalten
- Chrëscht dagsbelichtung just op wichtege Punkten ophänken an iwwer eng Minuterie ausschalten
- CFL FLEX notze fir extern Reuniounen
- Öffentlechen Transport sou vill wéi méiglech notzen

De Schännerot

Link:

- <https://zesumme-spueren.lu>
- <https://www.klima-agence.lu/de/energie-spueren>
- <https://itm.public.lu/dam-assets/fr/securite-sante/conditions-types/itm-cl-1100-2000/ITM-SST-1814-1.pdf>
- <https://www.dropbox.com/sh/kng1qxshk1ucktu/AACs7aY7rl2YftbJ6rDw0cEba?dl=0>
- <https://guichet.public.lu/de/actualites/2022/mars/22-prime-energie.html>